LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

N°23
Entrée le 19.12.2023
Chambre des Députés

**Äntwert vum Minister fir Aussenugeleeënheeten an Aussenhandel , vum Finanzminister, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, a vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°23 vum 15. November vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**1. Wéi eng Ministèren hunn am Moment Budgetsposten déi der "Promotion de l'image du Luxembourg" sollen ze gutt kommen?**

Den Ausseministère, Cellule vun der „Promotion de l'image de marque"/ Let's make it happen (LMIH) hat vun 2018 bis November 2023 e Budgetsposte mam Libellé: "Promotion de l'image du Luxembourg". Sait 2020 huet de Sportsministère e Budgetsposte mam Libellé: "Promotion de l'image du Luxembourg dans le sport".

**2. Wéi héich waren d'Ausgabe vun de jeeweilege Posten an de leschte 5 Joer (no Joer opgezielt)?**
**3. Wéi héisch waren d'Budgetsposte fir déi Joren initial ugesat? Firwat goufen dës Budgetsposte jeeweils iwwer respektiv ënnerschratt?**

Déi entspriechend Informatioune sinn am Budget respektiv am Compte général vun deene Joren transparent opgefouert. Si sinn am Tableau hei drënner och nach emol zesummegestallt.

| Article | Ligne de crédit | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 (compte en date du 6/12/2023) |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | **Compte** | | | | | | |
| 01.3.12.140 | Promotion de l'image du Luxembourg | 1 692 331 | 1 660 983 | 1 604 609 | 1 093 266 | 1 391 178 | 1 737 702 |
| 13.0.33.012 | Promotion de l'image du Luxembourg dans le sport | 0 | 0 | 288 000 | 337 000 | 505 500 | 822 180 |

| | Budget voté | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 01.3.12.140 | Promotion de l'image du Luxembourg | 1 700 000 | 2 100 000 | 2 100 000 | 1 660 983 | 1 800 000 | 1 737 702 |
| 13.0.33.012 | Promotion de l'image du Luxembourg dans le sport | 0 | 0 | 300 000 | 515 000 | 525 000 | 822 180 |

| | Variation | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 01.3.12.140 | Promotion de l'image du Luxembourg | 7 669 | 439 017 | 495 391 | 567 717 | 408 822 | 0 |
| 13.0.33.012 | Promotion de l'image du Luxembourg dans le sport | 0 | 0 | 12 000 | 178 000 | 19 500 | 0 |

**4. Wéi eng Projeten si mam Budget aus dem Finanzministère an der Period 2018-2022 ënnerstëtzt ginn?**

Wëll et sech erausgestallt huet, dass an eenzele Fäll Manifestatioune mat internationaler Portée gläichzäiteg vu verschiddene Ministèren ënnerstëtzt gi sinn, gouf 2018 een Artikel "Participation financière à des manifestations culturelles ou sportives à portée internationale" ënnert dem Finanzministère geschaf, fir eng besser Iwwersiicht iwwer d'Gesamt-Kontributioun vum Staat an esou Fäll ze erlaben.

Den Tennis-Tournoi "BGL BNP Paribas Tennis Open" (haut : "Luxembourg Ladies Tennis Masters") ass an deem Sënn iwwer deen Artikel finanzéiert ginn.

Aus praktesche Grënn ass dës Approche awer erëm fale gelooss ginn, an et gouf ee spezifeschen Artikel "Promotion de l'image du Luxembourg dans le Sport" beim Sportsministère geschaf.

**5. Wéi eng Projeten si mam Budget aus dem Ausseministère an der Period 2018-2023 ënnerstëtzt ginn?**

D'Cellule vun der "Promotion de l'image de marque" ënnerstëtzt eng ganz Rei Evenementer oder Projeten, déi eng staark international Visibilitéit verspriechen an d'Krittäre vu Kreativitéit, Diversitéit an Durabilitéit erfëllen. Dës Ënnerstëtzung kann a Form vu Co-Finanzementer (dat mussen obligatoresch Kommunikatiounskäschte sinn) geschéien oder awer a Form vu "Matériel de prêt" an Promotiounsmaterial.

D'Cellule vun der "Promotion de l'image de marque" vum Ausseministère war bis November 2023 zoustänneg fir déi finanziell Ënnerstëtzung vun all aneren Evenementer oder Projeten a Secteure wéi Kultur, Gastronomie oder Innovatioun.

D' "Promotion de l'image de marque" ënnerstëtzt och Evenementer an anere Secteuren, andeem si "Matériel de prêt" / Kommunikatiounsmaterial zur Verfügung stellen oder Promotiounsmaterial mat der Signature vu Lëtzebuerg.

**6. Wäerten d'Budgetsposten "Promotion de l'image du Luxembourg" an Zukunft erëm just ënnert engem Ministère gebündelt ginn?**

D' "Promotion de l'image de marque du Luxembourg à l'étranger" ass zanter November 2023 an den Attributioune vum Wirtschaftsministère, an d' "Promotion de l'image de marque dans le Secteur du sport" bléift weiderhin an den Attributioune vum Sportsministère.

Fir déi 4 éischt Méint vum Joer 2024 gëtt beim Budget op de System vun den "douzièmes provisoires" zeréck gegraff. Dëse provisoresche Budget ass berechent ginn op Basis vum Budget, dee fir d'Joer 2023 gestëmmt gi war. D'Budgetsposten am finale Budget fir 2024 wäerten déi aktuell Attributioune vun de verschiddene Ministèrë berécksiichtege.

Lëtzebuerg, den 18 Dezember 2023

De Minister fir Aussenugeleeënheeten
an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel